N°7034
Entrée le 20.10.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 20.10.2022

Fraktioun CSV

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber
Lëtzebuerg, den 20. Oktober 2022

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro zum CGDIS un d'Madamm Inneministesch weider ze leeden.

Am Moment lafe weider Rekrutementskampagne beim CGDIS. Laut eisen Informatioune ginn et op der anerer Säit och vill Leit, déi de CGDIS, a besonnesch den 112, wéilte verloossen. Grond wiere virun allem déi schwiereg Aarbechtskonditiounen a mangelnd Karriärsperspektiven. De Responsabelen vum 112 soll dës Situatioun och bewosst sinn.

Virun dësem Hannergrond wéilte mir der Madamm Inneministesch folgend Froe stellen:

- Kann d'Madamm Ministesch Informatiounen iwwer schwiereg Aarbechtskonditioune beim 112 confirméieren?
- Wa jo – wéi soll an Zukunft verhënnert ginn, dass weider Agente vum 112 de CGDIS wëlle verloossen?
- Wéi gesäit et um 112 mat de Karriärsperspektiven aus?

Här President, mir bieden Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.

Max Hengel
Deputéierten

Léon Gloden
Deputéierten

N° 7034
Entrée le 14.11.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

**Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n°7034 vun den honorabel Deputéierte Max Hengel a Léon Gloden zum Sujet "Conditions de travail au CGDIS"**

De CGDIS ass en autonomen Etablissement public, virun allem am Beräich vum Personal. Als Inneministesch steet et mir net zou, mech direkt an d'Personalpolitik vum CGDIS anzemëschen. De CGDIS huet mir op Nofro bestätegt, datt all déi gesetzlech Reegele vum ëffentleche Statut respektéiert ginn.

Dem Personal vun der nationaler Noutruffzentral 112 stinn, wéi allen anere Mataarbechterinnen a Mataarbechter vum CGDIS, déi nämlecht Méiglechkeete vun der interner Mobilitéit zur Verfügung, déi hiere Statut virgesäit. Dozou gehéieren natierlech och verschidde Karriärsperspektiven.

Lëtzebuerg, de 14/11/2022.
D'Inneministesch
(s.) Taina Bofferding